**Konditiounen, fir beim nationale Literaturconcours 2025 matzemaachen**
**(Règlement du Concours littéraire national 2025)**

1. Zënter 1978 organiséiert de Ministère fir Kultur all Joers e Concours mam Zil, dat literarescht Schaffen zu Lëtzebuerg ze encouragéieren. Beim Concours kënnen Auteuren/Autorinne souwéi Kollektiver vun Auteuren/Autorinne matmaachen, déi resp. deenen hir Memberen déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn oder zu Lëtzebuerg wunnen oder hir fest oder predominant Aarbechtsplaz resp. verschidden Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg hunn.

2. Den *nationale Literaturconcours 2025* ass fir Romaner an de Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an/oder Englesch reservéiert. Et si Präisser an zwou Kategorië virgesinn: fir erwuessen Auteuren/Autorinne vun 20 Joer un a fir jonk Auteuren/Autorinne vun 12 bis 19 Joer.

3. Jiddwer Auteur/Autorin resp. jiddwer Kollektiv vun Auteuren/Autorinnen däerf just een Typoskript areechen. Déi, déi matmaachen, kënnen hiert Theema, déi ënner Punkt 2 genannte Sprooch(en) an de Public, fir deen de Roman geduecht ass, fräi bestëmmen.

4. Et däerfe just onveröffentlecht Texter agereecht ginn. Si däerfe weeder als Ganzt nach an Deeler veröffentlecht oder verbreet gi sinn, éier d'Resultater vum Concours duerch en offizielle Communiqué vum Ministère fir Kultur matgedeelt goufen. Iwwersetzunge vu Wierker, déi et scho ginn, och wann et just Deeler dovu sinn, sinn net zougelooss. Am Fall vun Adaptatioune mussen d'Referenze vum Originaltext op der éischter Säit vum Typoskript stoen.

5. D'Texter si gebonnen, mat der Schreifmaschinn geschriwwen oder a gedréckter Form an an enger Schrëft, déi gutt ze liesen ass, anzereechen.

6. D'Typoskripter musse **bis spéitstens méindes, den 30. Juni 2025** a sechs Exemplairë beim Ministère fir Kultur ukomm sinn. Et gëllt den Datum vum Poststempel.

7. Um Dossier vun de Participanten a Participanteë muss d'Mentioun *Concours littéraire national 2025* stoen. Den Dossier ass an enger grousser Enveloppe un de Ministère fir Kultur ze schécken resp. an der Receptioun vum Ministère fir Kultur ofzeginn. D'Enveloppe muss adresséiert sinn un de *Service de la création et de la promotion artistiques - Littérature et édition*, Ministère de la Culture, 4, bd F-D Roosevelt, L-2450 Luxembourg. An der Enveloppe musse sinn:

a. **déi 6 Exemplairë vum Text**, op deene keng perséinlech Kennzeechnung däerf sinn, déi den Auteur/d'Autorin resp. de Kollektiv vun Auteuren/Autorinne kéint identifizéieren. Op jiddwer Kopie däerf just den Titel vum Wierk, de Pseudonym an d'Alterskategorie stoen.

b. eng **kleng, zouen Enveloppe,** op där dat heite steet:

- de fräi gewielte Pseudonym
- den Titel vum Wierk
- d'Alterskategorie („erwuessen Auteuren/Autorinne vun 20 Joer un" oder „jonk Auteuren/Autorinne vun 12 – 19 Joer")

an an där e Schreiwes läit mat

- dem korrekten Numm a Virnumm vum Auteur/der Autorin resp. den Auteuren/Autorinne vum Kollektiv
- der Adress an der E-Mail-Adress

- der Telefonsnummer vum Auteur/der Autorin resp. den Auteuren/Autorinne vum Kollektiv

8. De Jury, dee vum Ministère fir Kultur aus engem Krees vun Literatur-Experten/Expertinnen ernannt gëtt, besteet aus fënnef Memberen, déi sech an dësem Beräich duerch hiren Diplom, hir Veröffentlechungen oder hire Beruff ausgezeechent hunn. D'Aarbechte vum Jury si geheim. De Jury ernennt e President/eng Presidentin aus senger Mëtt an hält sech un de *Règlement général de fonctionnement du jury du Concours littéraire national,* deen op Ufro beim Ministère ze kréien ass an och op deem senger Websäit steet. Et gëtt keng Rekursméiglechkeete géint d'Decisioune vum Jury.

9. D'Sekretariat vum Jury iwwerhëlt e Mataarbechter/eng Mataarbechterin vum Ministère fir Kultur. De Sekretär/d'Sekretärin vum Jury ass bei de Sitzunge vum Jury dobäi, däerf sech awer weeder un den Diskussiounen nach un der Ofstëmmung bedeelegen. De Sekretär/d'Sekretärin suergt derfir, datt d'Reglementer vum Concours agehale ginn.

10. D'Membere vum Jury wéi och d'Mataarbechter/d'Mataarbechterinne vum Ministère fir Kultur däerfen net beim Concours matmaachen.

11. Well d'Auswiel vun de Laureaten/Laureatinne just op Basis vun de Pseudonymme geschitt, ka keen Accusé de réception vum Typoskript verschéckt ginn.

12. D'Typoskripte ginn net zeréckgeschéckt. Weeder d'Membere vum Jury nach aner Persoune ginn déi perséinlech Date vum Auteur/der Autorin resp. den Auteuren/Autorinne vum Kollektiv vun den net-priméierte Bäiträg gewuer. D'Enveloppen an een Exemplaire vum Text ginn un de Fonds vum Nationale Literaturzentrum zu Miersch a si fir eng Dauer vu 75 Joer net zougänglech. Déi aner Exemplairë vun den Texter gi vum Sekretär / vun der Sekretärin vum Jury zerstéiert.

13. E Communiqué de presse gëtt d'Entscheedunge vum Jury am November 2025 bekannt. De Communiqué ass och op der Websäit vum Ministère http://www.gouvernement.lu/mc ze fannen. D'Präisiwwerreechung fënnt am Laf vum Mount Dezember 2025 statt.

14. An der Kategorie „erwuessen Auteuren/Autorinne vun 20 Joer un" kann de Jury follgend Präisser verdeelen:

- en éischte Präis vun 7.500 € fir den Auteur/d'Autorin an e Bäitrag vu maximal 5.000 € zu den Editionskäschte vum ausgezeechente Wierk op Basis vun engem Dossier, virgeluecht vun engem unerkannten Verlag.
- en zweete Präis vun 4.000 €
- en drëtte Präis vun 3.000 €

15. Et gëtt keng Ex-aequo-Entscheedungen.

16. An der Kategorie „jonk Auteuren/Autorinne vun 12 – 19 Joer" kann de Jury ee mat 3.000 Euro dotéierten éischte Präis verginn.

17. Den Auteur/d'Autorin resp. d'Auteuren/Autorinne vum Kollektiv behalen all d'Rechter un hirer Veröffentlechung.

18. Mat der Participatioun um Concours erkennen d'Participanten an d'Participanteën déi uewe genannte Konditiounen alleguer un.

Weider Informatiounen: info@mc.public.lu

*Ministère de la Culture, Service de la création et de la promotion artistiques - Littérature et édition / Tel.: 247-76616*

Sollt déi lëtzebuergesch Versioun vum Inhalt vum franséischen Original ofwäichen, gëllt am Zweifelsfall dat franséischt Original.